



Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n° 5563 vum 24. Januar 2022 vum Här Deputéierten André Bauler

1. Nodeems d'Vertrieder vum aktuelle Propriétaire Etuden zum Zoustand vum Terrain an och vum Bau selwer presentéiert haten, gouf vum Service des sites et monuments nationaux eng Géigenetude an Optrag ginn fir d'Pollutioun vum Baugrond z'analyséieren. Esou sollt e neutrale Büro eng kritesch Duerchlichtung vun de Miesswäerter an der Verknaschtung opstellen. Dëst Dokument vun engem onofhängegen Expert huet d'Etude, déi vum Propriétaire virgestallt gouf, confirméiert an doriwwer eraus den Zoustand vum Terrain op deem d'Gebaier stinn nach méi dramatesch erëm geholl.

Et huet sech deemno erausgestallt, datt d'Pollutioun um Terrain wou dat méi jonkt Gebai an deemno och den Tuerm vu 1930 steet, extrem héich ass. Eng groussflächeg an déif Depollutioun ass onëmgänglech. Déi opwänneg Sanéierungen an déi komplex Agrëff an de Buedem maachen en Erhalt vun de Gebaier praktesch onméiglech.

2. Nom Feier si bei der Zockerfabrik Stabilisatiounsaarbechten am Gaang. Op de Baussefassade sinn déi grouss stole Stäipe scho gesat. Och sinn d'Mauerkëppe protégéiert ginn. Am Februar 2021, op enger Visite op der Platz, sinn déi lafend Arbechten heizou scho virgestallt a validéiert ginn.

Wann d'Gebai bis bausse komplett konsolidéiert ass, gi bannen d'Arbechten a Ugrëff geholl. Hei muss mat vill Fangerspëtzegefill all dat verbranntent Material an dee ville Knascht deen domadder zesumme geet erausgeholl ginn. Da gëtt d'Gebai weider stabiliséiert an dat misst bis Enn Mäerz 2022 geschitt sinn.

Wéi eng konkret Funktiounen an déi al Zockerabrik sollen era kommen ass nach net gewosst. Geschäfte, Büroen a Wunnechte sinn an der Diskussioun. Eréischt wann d'Gebai bis stabiliséiert a propper ass, kann e neien Amenagement definitiv geplangt ginn.

Lëtzebuerg, de 4. Februar 2022.

D'Kulturministesch

(s.) Sam Tanson